

Ref. : FLMP-2016-127

Newsletter 2 / 2016

Juni 2016

Gratis Lizenz fir Jugendlecher bis 14 Joer

De Verwaltungsrout vun der Lëtzebuurger Wandersportfederatioun huet a senger leschter Sitzung beschloss, vun dësem Joer un all d'Lizenzen fir Kanner a Jugendlecher bis 14 Joer gratis ze offrëieren.

Am Kader vun onser Jugendaarbecht wäere mir dann och frou, wann d'Elteren an d'Grousselteren vun de Kanner dovunner géife profitëieren an hire Kanner an Enkelkanner eng Lizenz géifen ufroen, sief et am Veräin, sief et als „Individuell“.

Am Kader vun eisem Nationale Wanderdag zu Biekerech maache mir dann och e Molconcours, wéi d'Kanner d'Méiglechkeet kréien fir d'Jugendlizenz ze entwerfen an ze gestalten.

Ënnerstëtzung vun der Luxlait

No interessante Kontakter mat der Luxlait kënnen all eis ugeschlossene Veräiner elo bei enger Commande vu Luxlaitproduiten eng Remise vu 25 % kréien op alle Mëllechproduiten an 10 % op de Glacen vu Luxlait.

D'Commande muss eng Woch am Voraus direkt bei Luxlait gemaach ginn a muss och bei Luxlait um Rouscht ewech geholl ginn.

Kontaktadress: Luxlait, Annick Tholl, Responsable Marketing, L-7759 Roost/Bissen – Tel. +352 250 280 657 – Email: Annick.tholl@luxlait.lu

Geoportail

Zanter ufanks Abrëll huet de Geoportail eng nei Versioun, déi aus verschidde technesche Grënn huet misse gemaach ginn. Et gétt un enger neier Dokumentatioun geschafft a mir hunn och schonns Kontakter fir weider Formatiounen unzebidden.

Awer opgepasst ! Et gétt drop higewisen, dass beim Opzeeche vun de Strecken nëmmen d'Distanzen um lëtzebuurger Territoire berécksiichtegt ginn. Veräiner, déi no un der Grenz leien, an och emol e kuerzen Ofstiecher an d'Ausland maachen, müssen dës Kilometeren onbedéngt derbäi rechnen, well momentan de Geoportail dës net ka berécksiichtegen.

Toiletten op der Wanderstreck

Wéi dir wësst, ass schonns méi oft de Wunsch geäussert ginn fir op de verschidde Wanderstrecken ënnerwee Toiletten unzebidden.

Dank der gudder Mataarbecht vum Veräin aus der Fiels huet d'Firma Polysan sàrl vu Miersch eng Offer gemaach fir all d'Veräiner aus der FLMP. An der Annexe fannt dir déi komplett Offer mat engem Bestellschäin.

Mir hoffen, dass vill Veräiner vun dëser Méiglechkeet profitëieren an domadder eise Wanderer entgéint kommen.

Gruppestart bei den IVV-Wanderungen zu Lëtzebuerg

Duerch déi vill Kontakter a leschter Zäit op eisen Infostänn si mir relativ oft ugeschwat ginn op en Départ am Grupp op eise Wanderungen.

Vill Leit sinn net frou, fir eleng trëppelen ze goen a wäere frou, wann op eisen IVV-Wanderungen och géif en Depart am Grupp moies géint 10.00 Auer ugebuede ginn. Flott wär et dann och, wann eng Persoun dës Grupp kënn begleeden. Dës Gruppestart soll wa méiglech och am Flyer mat ugekënnegt ginn.

Nationale Wanderdag de 15. August zu Biekerech

Wéi all Joer organiséiert d'Lëtzebuenger Wandersportfederatioun de 15. August 2016 hiren Nationale Wanderdag, dëst Joer erëm zu Biekerech.

A wéi all Joer si mir och op d'Mathëllef vun eise Veräiner ugewisen. Verschidde Leit hunn hir Mataarbecht schonns ugebueden, mee et bleiwen awer nach Plazen ze besetzen. Mir wärem frou, wann all Veräin an awer och individuell Memberen eis eng Hand kënnen upaken a soen dofir schonns am Viraus e grouse Merci. An der Annexe fannt dir de provisoireschen Organigramm mat de fräie Plazen, déi nach ze besetze sinn. Mellt iech w.e.gl. am FLMP-Sekretariat iwwert Email: flmp@pt.lu oder um Telefon 691 30 26 87, dëst während de Bürosstonnen.

Bénévole de l'année

Als Unerkennung vun der Aarbecht am Bénévolat an de Federatiounen a Veräiner éiert de Sportsministère all Joer dës Leit. All Federatioun proposéiert eng Persoun, déi dann vum Sportsministère geéiert gëtt.

D'Lëtzebuenger Wandersportfederatioun huet elo decidéiert, datt all ugeschlossene Veräin kann e lizenséierte Member vu sengem Veräin proposéieren, deen et verdéngt huet, fir säin Engagement iwwert laang Joeren am Sënn vum Lëtzebuenger Wandersport, geéiert ze ginn. Propositione mussen bis den 30. September 2016 schrëftlech mat enger detailléierter Opstellung vun den Aktivitéiten un d'FLMP, B.P. 56, L-9201 Diekirch ageschéckt ginn.

De Verwaltungsrot vun der FLMP decidéiert dann iwwert déi Kandidatur, déi un de Sportsministère weidergereecht gëtt. De Kandidat muss an dem Fall e Curriculum Vitae schreiwen an soll dann awer och bei der Präiswuerreechung selwer präsent sinn. De Veräin vum „Bénévole de l'année“ gëtt mat enger klenger Indemnitéit belount.

Startkaarte-Set fir d'Lëtzebuenger PW'en

Besounesch fir Leit, déi sech um PW-Cup bedeelegen, mee awer och fir jiddereen, kënnen ab elo d'Startkaarten fir all déi 16 PW'en zu Lëtzebuerg an engem Set kaaft ginn, dëst am Sekretariat vun der FLMP.

Télévie-Wanderungen

D'FLMP organiséiert all Joer zesumme mat dem Supermarché Match-Smatch eng grouss Téléviewanderung zu Gréiwemaacher. Ganz oft kommen duerno och nach Ufroen fir weider Téléviewanderungen um sougenannten Téléviedag. De Verwaltungsrot proposéiert, fir an Zukunft op dësem Dag nëmme méi eng Wanderung zouzeloossen. Wann also schonns eng IVV-Wanderung am Kalenner steet, soll keng weider Organisatioun méi um selwechten Dag sinn. Ass den Dag nach fräi, sou gëtt déi éischt agereechten Demande berécksiichtegt.

Yuppi-Walk 2017 a Young Walkers Day 2017

No eise leschte Kontakter mam Cactus kënnen mer dovunner ausgoen, datt och d'nächst Joer erëm kënnen 6 Yuppi-Walken organiséiert ginn. Konditioun ass e begleet Gruppstart fir d'Kanner mat hiren Elteren an Animatioun a Spiller op der Streck. Fir datt mir déi kënnen an eisem Kalenner publizéieren, sollen déi intresséiert Veräiner sech bis spëitstens den 30. Juni 2016 am FLMP-Sekretariat mellen, dëst am beschten iwwert den Email: flmp@pt.lu.

Dëst gëllt och fir d'Kandidatur vun der Organisatioun vum Young Walkers Day 2017 de 19. Oktober 2017.

Duerno hëlt de Verwaltungsrot vun der FLMP dann eng Décisioun, wéi eng Kandidature kënnen berécksiichtegt ginn.

All you can walk in 24 hrs – Luxembourg 2018

D'FLMP huet sech fir 2018 en neien Challenge gesat. D'Organisatioun vun enger 24-Stonne-Wanderung vum 31. August op den 1. September 2018 an der Coque um Kierchbiérg. Dës Manifestatioun gëtt am Kader vu 50 Joer IVV organiséiert an ersetzt den Nationale Wanderdag vum 15. August 2018. Hei kann ee während 24 Stonnen marschéieren, vu 5 Kilometer un bis eben esou wäit wéi ee kënn. D'Strecken féieren duerch a ronderëm d'Stad Lëtzebuerg mat ëmmer erëm Passagen an der Coque.

An der Tëschenzäit huet sech e gréisseren Aarbechtsgrupp forméiert, wou an der leschter Sitzung och Chargen verdeelt gi sinn fir déi verschidden Ënnergruppen. Genau fir dës Ënnergruppen siche mir elo nach weider Interessenten fir mat eis ze schaffen. Wann dir Memberen huet, déi wëlle mat derbäi sinn, da mellt eis déi am FLMP-Sekretariat iwwert Email: flmp@pt.lu oder um Telefon 691 30 26 87, dëst während de Bürosstonnen

Mir soen iech elo schonns e grouse Merci, datt dir all är Memberen iwwert dës Newsletter informéiert, dëst am Kader vun eiser Aktioun „Kommunikatioun am Veräin“.

Annexen: Infos Luxlait - Offer Polysan – Bénévole de l'année
Provisoireschen Organigramm Biekerech vum 15.08.2016 –
Provisoireschen Organigramm Coque 2018